

“Tiefes Unverständnis, Trauer, ja auch Wut”

“Was am Samstag in Luxemburg geschehen ist, löst tiefes Unverständnis, Trauer, ja auch Wut in uns aus. Zu sehen, wie Menschen auf perfide Art und Weise die Opfer der Shoah nutzen, um ihre Wut zu äußern, empört uns zutiefst. Wie kann das größte Verbrechen gegen die Menschlichkeit auf solch eine Art banalisiert werden, indem man sich als Impfgegner den verfolgten und ermordeten Juden gleichstellt? Leider ist dies nicht nur in Luxemburg passiert, sondern auch in anderen Ländern. Diese Banalisierung wirft Fragen auf: Wie ist das möglich, dass Menschen den Holocaust auf diese Art und Weise banalisieren? Wissen diese Menschen überhaupt, was die Shoah ist? Haben sie eine Ahnung was die Menschen, mit denen sie sich vergleichen wollen, durchgemacht haben? Sind diese Menschen überhaupt noch zu erreichen oder sind sie bereits in ihrem blinden Hass verloren gegangen? Aber vor allem fragen wir uns : Was kann man gegen diese Banalisierung tun? Eines sind wir uns sicher: Nichts zu tun, wäre ein grausamer Fehler! Die Banalisierung der Shoah dürfen wir nicht tolerieren!”

David (20), Gianluca (17), Ina (18), Lisa (17), Lynn (17), Max (19), Noémie (19) - Schülerinnen und Schüler aus dem Atert-Lycée Réiden, die im Oktober 2021 an einer Gedenkfahrt von Témoins de la 2e Génération nach Auschwitz-Birkenau teilgenommen haben.

Réiden, de 7. Dezember 2021

“Mir liewen an engem demokratesche Land, mat Meenungsfräiheet a jidderee ka soe wat e wëll. Mee d'Leit sollen d'Impfung net mam Holocaust vergläichen. Dat ass respektlos a si misste mol op Auschwitz a mat eegenen Aen gesinn, wat do geschitt an erlieft ginn ass.”

Diana Simoes Santos, Schülerin aus dem Lycée Technique Lalléng, déi am Oktober 2021 un enger Gedenkrees vun Témoins de la 2e Génération op Auschwitz-Birkenau deelgeholl huet.

Esch-Lalléng, de 9. Dezember 2021

Onverständnis, Trauer, Roserei. Mir als Associatiounen aus der lëtzebuenger Zivilgesellschaft schléissen eis de Wieder vun de Jonken unn, déi am Oktober zu Auschwitz-Birkenau waren. Mat hinnen zesumme wëlle mir och eist Onverständnis an eis Roserei zum Ausdrock bréngen iwwert Äusserungen, déi am Kontext vun de rezente Manifestatiounen gemaach goufen. Mir schléissen eis dofir den däitlechen a kloere Wieder un, déi vu ville Vertrieeder aus Institutiounen, Medien a Politik öffentlech gemaach gi sinn an deelen e.a. d'Prise de position vun der Fondation luxembourgeoise pour la Mémoire de la Shoah.

Mir verurteilen

- d'Verméschen vun der aktueller politescher a sanitärer Situatioun mat den Evenementer aus der Zäit vum Zweete Weltkrich,
- d'Verdréinen vun historiesche Fakten,
- de Mëssbrauch vu Begrëffer a Symboler, déi absichtlech an ee falsche Kontext gesat ginn,
- d'Verharmlosung vun der Nazi-Diktatur, vun NS-Verbriechen géint d'Mënschlechkeet an vun der Shoah,
- den domat verstoppten oder oppenen Antisemitismus, deen op der Strooss an an de soziale Medien verbreet gëtt,

- all Formen vu Gewalt géint Persounen aus dem öffentleche Liewen a géint demokratesch Institutiounen.

De falsche Gebrauch vu Symboler, Begrëffer an historesche Fakten – ob aus enger naiver Onwëssenheet eraus oder mat enger perfider Absicht – weisen, dat d’Aarbecht vun zivilgesellschaftlechen Associatiounen am Beräich vun der Mémoire vun der Shoah weiderhin eng wichteg Aufgab ass. An dem Sënn huele mir eis Roll an der Lutte géint Antisemitismus, Negationismus a Verharmlosung vun der Shoah an Tendenzen zur Geschichtsverfälschung weiderhinn ganz sériö.

Zënter ville Joeren maachen mir eng aktiv Opklärungsarbecht, fir iwwert d’Ursaachen, de Verlaf an d’Konsequenzen vu Krich a Génociden opzeklären. Dofir schaffe mir weiderhin konsequent mat de Jonken fir déi Jonk.

Comité Auschwitz Luxembourg a.s.b.l.

MemoShoah Luxembourg a.s.b.l.

RIAL Recherche et information sur l’antisémitisme au Luxembourg a.s.b.l.

Témoins de la 2e Génération a.s.b.l.

Al Synagog Ettelbréck a.s.b.l.

Les Amis de l’ancienne synagogue de Mondorf a.s.b.l.